D’Geschicht vum Frederik : (Leo Lionni)

Ronderëm enger Wiss, wou Päerd a Kéi gefriess hunn, stoung eng ganz al stenge Mauer. An dëser Mauer no bei der Schéier an dem Käerespäicher huet eng schnësseg Famill vu Feldmais gewunnt. Mä d’Bauere ware fortgeplënnert an d’Schéier stoung eidel. A well de Wanter gläich sollt kommen, hunn d’Mais ugefaange Kären, Nëss, Weess a Stréi ze sammelen. Alleguer d’Mais hunn Dag an Nuecht geschafft.

Spill:

Sou wéi d’Mais sollen d‘Wëllef probéieren sech fit ze halen, gesond z’iessen an op hire Kierper opzepassen.

Gruppe maachen. All Grupp kritt 12 Nëss, déi si an enger Staffel musse vun A op B transportéieren. Si mussen ëmmer zu zwee lafen an d’Noss däerf just d’Gesiicht/Kapp vum anere beréieren

-----------------------------------------------------------------------------------

Alleguer hunn si geschafft ausser de Frederik. „Frederik, firwat schaffs du net?“ hunn si gefrot. „Ech schaffen dach,“ sot de Frederik, „ech sammele Sonnestrale fir déi kal donkel Wanterdeeg“. A wéi si de Frederik gesinn hunn, wéi hien esou do souz an op d’Wiss gekuckt huet, soten si: „ An elo, Frederik, wat méchs du dann elo?“ „ ech sammele Faarwen“, sot hie just, „well de Wanter ass gro.“ An eemol huet et ausgesinn, wéi wann de Frederik bal ageschlof wier. „Dreems du Frederik ?“ hunn si mat Virworf gesot. „Mee nee,“ sot hien, ech sammele Wieder. Et gi vill laang Wanterdeeg – an da wësse mir net méi iwwer wat mir schwätze sollen.“

Spill:

Ureegungen: Schafft de Frederik gutt mat? Kann ee soen dat hie senge Frënn hëlleft? Wat denken seng frënn iwwert hien?

Mausfalfänken am ganze Grupp. Um Spillfeld gi 6-10 Mausfalen opgestallt, ronderëm d’Spillfeld stinn d’Kanner a musse probéiere mat engem Seel d’Mausfalen onschiedlech ze maachen.

-----------------------------------------------------------------------------------

Wéi dunn de Wanter koum, an de Schnéi gefall ass, hunn déi fënnef kleng Mais sech an hier Stopp tëschent de Steng zeréckgezunn. Am Ufank gouf et nach vill z’iessen an d’Mais hunn sech Geschichte gezielt vu Fiiss déi sangen a Kazen déi danzen. Do war d’Mausfamill ganz glécklech. Mä no an no ware bal all d’Nëss a Friichten ugeknabbert, d’Stréi war fort an u Käre konnten si

sech bal net méi erënneren. Et wat op emol ganz kal tëschent de Steng vun der Mauer a kee wollt méi eppes soen.

Spill:

Wat sollen d'Mais maachen? Wat géifen d'Kanner an där Situatioun maachen. Rollespill: Et ass kal an däischter an der Höhl, mä mir denken ons eppes Flottes aus. D'Kanner setzen sech zesummen an denken sech e klengt spill, e Lidd, eng kleng Geschicht… aus déi si duerno wa méiglech an der Höhl presentéieren

---------------------------------------------------------------------------------------

Dunn ass hinnen op eemol agefall, wéi de Frederik vu Sonnestralen, Faarwen a Wieder geschwat huet. „Frederik", hunn si geruff, „wat maachen deng Reserven?" „Maacht d'An zou", sot de Frederik an ass op e grousse Stee geklommen. „Elo schécken ech iech Sonnestralen. Fillt der schonn, wéi waarm se sinn? Waarm a schéin a gëllen?" A wärend de Frederik esou vun der Sonn erzielt, gouf et de véier Maisercher scho vill méi waarm. Ob dat dem Frederik seng Stëmm gemaach huet? Oder war et en Zauber? „A wéi ass et mat de Faarwen, Frederik?" hunn si opgereegt gefrot. „Maacht d'An erëm zou", sot de Frederick. A wéi hie vu bloe Karblummen, roudem Mohn, a giele Felder, a vu grénge Blieder un der Hammbiersheck erzielt huet, du hunn si d'Faarwen esou kloer an däitlech virun sech gesinn, wéi wann si opgemoolt wären an hire Maiskäpp.

Spill: (dobaussen)

D'Wëllef sichen sech eng Plaz déi hinne gutt gefält. (Jidderee fir sech) Si hunn eng Käertchen an e Bläistëft a solle wärend 5 Minutte ganz roueg sinn an déi Plaz genéissen. Wat gefält mir hei gutt? Iwwert wat staunen ech? Si sichen en Numm fir dës Plaz a schreiwen deen op d'Käertchen

---------------------------------------------------------------------------------------

An d'Wieder Frederik?" De Frederik hëlt déif Loft, waart een Abléck, a sot dunn wéi vun enger Bün erof:

„Wien street Schnéiflacken, wien schmëlzt d'Äis? Wie mécht haart Wieder, wie mécht erëm lues? Wie bréngt de Gléckskléi, am Juni erun? Wien mécht den Dag donkel, wien mécht d'Moundliicht un? Véier kleng Feldmais, wéi s du an ech, wunnen am Himmel an denken un dech. Déi éischt ass d'Fréijoersmaus, déi léist de Reen laachen. Als Moler huet d'Summermaus d'Blume faarweg ze maachen. D'Hierschtmaus schéckt mat Nëss a Weess, schéi Gréiss. Schlappe brauch d'Wantermaus, fir hir kal Féiss. Fréijoer,

Summer, Hierscht a Wanter si véier Joreszäiten. Keng méi, keng manner. Véier verschidde frou-sinn-ech Zäiten.“

Wéi de Frederik fäerdeg war, hunn si all geruff: „Frederik du bass jo en Dichter.“ De Frederik ass rout ginn, huet sech verneigt a sot: „Ech weess dir léif Mausgesiichter.“

**Verspriechen:**

De Frederik huet senge Frënn gehollef op seng eegen Aart a Weis. Am Versprieche geet et och drëm, esou wéi beim Frederik, dat de Wëllefchen sech entscheet Fortschrëtter ze maachen an sech fir déi aner an d'Natur anzesetzen an zu sech selwer gutt ze sinn. Op ze sinn fir dat wat ongräifbar ass.

Déi déi d'Versprieche maache kréien e Blat wou si hiert Versprieche formuléiere kennen. Si kennen awer och den Text vum
offizielle Verspriechen huelen.

---

Material:

Nëss

6 Mausfalen – 6 Seeler

Käertercher a Bläistëfter fir jidereen

Verspriechensvirlag (Anhang)